N°1406
Entrée le 22.10.2024
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 23.10.2024

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 22/10/2024

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Gesondheet weiderzeleeden.**

D'Obesitéit ass eng ëmmer méi grouss Erausfuerderung fir eis Gesellschaft. Laut Zuelen aus Frankräich ass d'Zuel vun de Persounen, déi un Obesitéit leiden, an de leschte Joerzéngten dramatesch geklommen. A Frankräich ass de Prozentsaz vun 8,5% am Joer 1997 op 17% am Joer 2020 geklommen, wat bedeit, datt méi wéi 8,5 Millioune Fransouse betraff sinn. Besonnesch alarmant ass d'Situatioun bei de Kanner: 34% vun de Kanner tëscht 2 a 7 Joer a 21% vun de Kanner tëscht 8 a 17 Joer waren 2020 a Frankräich iwwergewiichteg oder adipös.

Dës Entwécklung ass net nëmmen e gesondheetleche Problem, mee huet och ekonomesch a sozial Konsequenzen. An deem Kontext ass et wichteg ze verstoen, wéi d'Situatioun zu Lëtzebuerg ausgesäit a wéi eng Moossname geholl ginn, fir dësem Problem entgéintzewierken. Gläichzäiteg stellt sech d'Fro, wéi d'Donnéeën iwwer de Gesondheetszoustand vun de Bierger, speziell am Beräich vun der Obesitéit, gesammelt, gespäichert a genotzt ginn, ënner Beuechte vum Dateschutz.

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch dës Froe stellen:

1. Wéi ass d'Situatioun zu Lëtzebuerg am Verglach zu de franséischen Zuelen? Wéi vill Prozent vun der lëtzebuergescher Bevëlkerung leiden un Obesitéit, opgeschlësselt no Alter a sozio-ekonomeschem Hannergrond?

2. Wéi eng Moossname goufen a ginn a Lëtzebuerg geholl, fir d'Obesitéit ze bekämpfen a virzebeugen, besonnesch bei Kanner a Jugendlechen?

3. A wéi enge staatlechen Datebanke ginn den Index de Masse Corporelle (IMC) an aner Donnéeë mat Bezuch op d'Gesondheet gespäichert? Wéi laang ginn dës Donnéeë gehal?

4. Gëtt et eng Vernetzung tëscht de verschiddenen Datebanken, wéi zum Beispill dem Medico Sportif, der Médecine au Travail an anere medezineschen Institutiounen? Falls jo, wéi gëtt de Dateschutz dobäi garantéiert?

5. Wéi ginn dës Donnéeën aktuell genotzt? Gëtt et Pläng, fir dës Donnéeën am Kader vun der Preventioun an der ëffentlecher Gesondheetspolitik ze benotzen? Wa jo, wéi soll dat ausgesinn?

6. Gëtt et Pläng, fir d'Obesitéit als chronesch Krankheet unzeerkennen, änlech wéi et an anere

Länner diskutéiert gëtt? Wéi eng Konsequenze kéint dat fir d'Gesondheetsversuergung zu Lëtzebuerg hunn?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Deputéierten